LSAP

Christine **Schweich**

BIERGEM

Schäffin Monnerech
Affekot

Nëmmen deen, dee sech och wierklech engagéiert, kann eis Gesellschaft matgestalten a veränneren.

Als kriteschen a gesellege Mënsch, hunn ech mech fréi fir d'Politik intresséiert a gemierkt, datt ech net nëmme nokucke wëll wat di aner decidéieren, mee selwer aktiv ginn. D'Politik gëtt mir d'Méiglechkeet mech fir d'Interessien an d'Wënsch vun de Leit anzesetzen. Duerch mäin Engagement an der Gemengepolitik hunn ech gemierkt, datt ee vill ka bewegen, wann een en oppent Ouer fir seng Matbierger huet.
Et ass mer wichteg, datt och jonk Leit a virun allem Fraen sech méi fir d'Politik intresséieren, well nëmmen d'Zesummenaarbecht vun allen Generatioune representéiert eis Gesellschaft. An dësen Zäiten, wou de finanziellen Handlungsspillraum zimlech kleng ginn ass, ass et wichteg, sech fir eng sozial, gerecht a solidaresch Politik staark ze maachen.

Wann ech gewielt ginn, maachen ech als éischt:
Ech setze meng - a menger Partei hir - Iddie konkret ëm.

Wann ech net grad schaffen oder Politik maachen, dann:
Huelen ech mir Zäit fir meng Famill a meng Frënn, probéiere regelméisseg Sport ze maachen a verbrénge gär Zäit an der Natur.

Dës Reform oder Erfindung bewonneren ech am meeschten:
D'Fraewahlrecht.

Gléck ass fir mech:
Gesondheet an Zefriddenheet vu menger Famill.

Am léifste géif ech op dëser Plaz vun der Welt liewen:
Zu Lëtzebuerg (awer vläicht mat bësse méi Sonn).

Meng Stäerkte sinn:
En organiséierten Dag ze hunn.

A meng Feeler / meng Schwächten:
Ech kommen net laanscht de Schokla.

Am léifsten iessen an drénken ech:
Kniddele mat Ram a Speck an e Glas Wäin.

Zur Zäit liesen ech:
Ein ganzes halbes Jahr (Jojo Moyes).

Am beschten entspane kann ech mat dëser Musek:
Coldplay.

Wann ech kéint mat enger reeller oder fiktiver Persoun tauschen, da wier ech am léifsten:
D'Pipi Langstrumpf, da kéint ech d'Welt sou maachen, wéi se mir gefällt.

Mäi Liewensmotto:
Kapp héich an ëmmer weider!

De Wanter hält mech net dobannen, ech tanken hei di néideg Energie.

Als Affekot hëllefen ech dagdeeglech de Leit eng Léisung fir hier Problemer ze fannen.

Scho vu klengem un hat ech meng eegen Iddien.

„D'LSAP steet fir sozial Gerechtegkeet a gesellschaftlechen Fortschrëtt "